

Dem Staat als Employeur ass et wichteg, all seng Agente géint sämtlech Forme vu Mobbing a sexueller Belästegung op der Aarbecht ze schützen. Ob Dir Iech als Affer vu Mobbing fillt, Zeien, Virgesetzten oder Personalchef sidd, hei e puer Recommandatiounen.


**Service psychosocial**
10, avenue John F.Kennedy
L-1855 Luxembourg

T (+352) 247-73100
service-psychosocial@mfp.etat.lu


Qualité de vie au travail

# Zesumme géint Mobbing op der Aarbecht!



Dës Broschür riicht sech un all Agent deen am ëffentleche Secteur – dat heescht beim Staat, bei enger Gemeng oder an engem Etablissement public – schafft.


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

## Stellt déi richteg Froen

**Dir mengt Affer vu Mobbing oder sexueller Belästegung op Ärer Aarbechtsplaz ze sinn?**

### *Dir fillt Iech als Affer vu Mobbing?*

Wann Dir mengt Affer vu Mobbing oder sexueller Belästegung ze sinn, dann ass et wichteg, datt Dir séier handelt. Haalt dat net fir Iech. Hei dräi Mesuren, déi dozou bäidroe kënnen esou e Verhalen z'ënnerbannen:

→ Versicht wa méiglech d'Gespréich mam presuméierten Auteur ze sichen, him z'erkläre wéi Dir säi Verhalen empfannt an hien opzefuerderen, mat dësem Behuelen opzehalen.

→ Schwätzt mat Ärem Virgesetzte – wann hien net de presuméierten Auteur ass -, Ärem Personalchef oder Ärem Gläichheetsbeoptraagten. Si sinn éischt Uspriechpartner a kënnen Iech weiderhëllefen.

→ Huelt mam Service psychosocial vum Ministère fir d'Fonction publique Kontakt op. Jee no Besoin kann de Service psychosocial Iech eng psychologesch Ënnerstëtzung ubidden. De Service psychosocial kann Iech och, wann néideg, bei Ären Demarchen Hëllef ubidden - zum Beispill wann Dir eng Protektioun wëllt ufroen.

### *Dir sidd Zeie vu Mobbing oder sexueller Belästegung?*

Wann Dir matkritt datt en Aarbechtskolleeg gemobbt gëtt, da reagéiert a verbessert esou d'Aarbechtsklima:

→ Versicht esou wäit ewéi méiglech där betraffener Persoun Är Hëllef unzebidden an erklärt Är Bereetschaft, wann et geet, iwwert dës Situatioun auszesoen.

→ Schwätzt mat Ärem Virgesetzten, Ärem Personalchef oder Ärem Gläichheetsbeoptraagten iwwert de Fall.

→ De Service psychosocial steet Iech och zur Verfügung.



### *En Agent, deen ënnert Ärer Responsabilitéit steet, freet eng Protektioun un?*

Als Virgesetzten hutt Dir d'Flicht déi néideg Protektiounsmoossname fir d'Agenten ze huelen déi ënnert Ärer Responsabilitéit stinn. Prinzipiell ass et wichteg, datt Dir eng neutral Haltung anhuelt, well et ufanks oft schwéier ass ze beurteelen, ob et sech ëm e Fall vu Mobbing handelt oder net. Eng Ufro fir Hëllef weist awer egal wéi drop hin datt et e Problem innerhalb vun Ärer Ekipp gëtt, ëm deen Dir Iech musst këmmeren.

Et ass un Iech, d'Uschëllegungen eescht ze huelen, fir de Problem ze léisen:

→ Huelt Kontakt mam Service psychosocial vum Ministère fir d'Fonction publique op. Dëse Service beréit Iech bei der Ëmsetzung vu Protektiounsmoossnamen an informéiert Iech iwwert d'Kommunikatiounsstrategien, déi Dir wärend dësem sensibele Prozess braucht.

→ Fir méi Informatiounen, liest d'Dokument « Fiche d'information : Harcèlement au travail » duerch. De Service psychosocial kann Iech deen zur Verfügung stellen oder Dir kënnt en iwwert de Réseau RH eroflueden.

Déi männlech Form gëtt benotzt fir den Text méi lieserlech ze gestalten.